N°4417
Entrée le 22.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

**Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°4417 vum 8 Juli 2026 vun der honorabeler Deputéiert Stéphanie Weydert**

De Kampf géint all Form vu geschlechtsbaséierter Gewalt, inklusiv Belästegungen am ëffentleche Raum, ass eng vun den Haaptmissioune vum Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit (MEGA). De Schutz vun den Affer ass dobäi ee vun de Grondpiliere vun eiser alldeeglecher Aarbecht.

D'Ambitioun ass et den nationalen Dispositif am Kampf géint geschlechtsbaséiert Gewalt, souwuel um legale wéi och um operationelle Plang ze stäerken an auszebauen. Mat dëser Zilsetzung huet d'Regierung, den 20. Juni 2025, deen éischten nationalen Aktiounsplang „geschlechtsbaséiert Gewalt" (PAN GBV) ugeholl. De PAN GBV definéiert aacht strategesch Moossnamen an ëmfaasst 62 konkret Mesuren, fir den Afferschutz, d'Täteraarbecht an d'Sensibiliséierungsaarbecht ze stäerken. Ënnert dem Pilier „Präventioun" sinn och verschidde konkret Mesuren a Projeten am Kampf géint Belästegung virgesinn.

Zousätzlech zu dësen aleedende Bemierkungen, fannt dir heirënner d'Äntwerten ob déi gestallte Froen am Zesummenhang mat der Initiativ „Ask for Angela".

1. **Wéi bewäert d'Madame Ministesch d'Aféierung vun der Initiativ « Ask for Angela » zu Lëtzebuerg?**

De MEGA huet mam Centre National pour Victimes de Violences (CNVV) eng Ulafstell geschaf, wou Affer vun all Form vu Gewalt 24 Stonnen op 24 a 7 Deeg op 7 eng nidderschwelleg a ganz komplett Héllefsoffer fannen. Donieft schafft de MEGA un der Ëmsetzung vu verschiddene Moossnamen aus dem PAN GBV, fir den Afferschutz weider auszebauen an ze stäerken.

De Schutz vun den Affer, d'Präventioun vu Gewalt a Belästegung souwéi d'Sensibiliséierung an den Outillage vun der Bevëlkerung brauch e gesamtgesellschaftlechen Effort. An deem Sënn begréissen ech all Initiativen, déi dozou bäidroen, och privat Mesure wéi "Ask for Angela".

2. **Ass d'ASBL mat hirer genannten Initiative un de Ministère erugetrueden?**

D'ASBL „Ask for Angela" huet eng Demande fir e Subside beim MEGA agereecht. Dës Demande gouf intern am Kader vun der üblecher Prozedur analyséiert an evaluéiert.

3. **Ass virgesinn, datt de Ministère dës oder vergläichbar Initiative logistesch oder finanziell ënnerstëtzt, fir hir Verbreedung am Land ze fërderen?**

Den MEGA schafft aktuell prioritär un der Ëmsetzung vum PAN GBV an un der Promotioun vum CNVV als national Ulafstell, déi fir all Affer vu Gewalt zougänglech ass.

An deem Sënn hu mir och eng national Sensibiliséierungscampagne lancéiert, fir de Grand Public iwwert geschlechtsbaséierter Gewalt ze informéieren an den CNVV als nidderschwelleg Hëllefsstruktur bekannt ze maachen an nohalteg ze etabléieren.

Parallel dozou analyséiert de MEGA verschidden Initiativen, déi dozou bäidroe kënnen, den Afferschutz zu Lëtzebuerg souwuel am private wéi och am ëffentleche Raum weider ze stäerken. Dobäi ass et wichteg sécherzestellen, datt esou Projeten eng national Tragwäit hunn, nohalteg sinn an eng zousätzlech Plus-value fir den Afferschutz schafen.

4. **Gesäit d'Madame Ministesch d'Noutwendegkeet, zesumme mam Horesca-Secteur e standardiséierte Kader fir Formatiounen a Prozeduren am Ëmgang mat Belästegungs- a Geforesituatiounen auszeschaffen?**

D'Initiative „Ask Angela" bitt spezifesch Formatiounen un, fir d'Personal vu Partnerbetriber aus dem Horesca Beräich am Ëmgang mat Belästegungs- a Geforesituatiounen ze forméieren.

Den MEGA a seng Partner bidden hirersäits verschidde Formatiouns- a Sensibiliséierungsangeboter am Beräich vun der haislecher a geschlechstbaséierter Gewalt un. Dës kënnen a verschiddene Kontexter a fir verschidden Zilgruppen ugebuede ginn a kéinten d'Offer vun „Ask for Angela" ergänzen.

Am Kader vum PAN GBV schafft de MEGA aktuell och un der Ausaarbechtung vun enger standardiséierte Formatioun fir Professioneller am Beräich vun der Bekämpfung vun haislecher a geschlechtsbaséierter Gewalt. Esou eng Formatioun kéint mëttel a laangfristeg och am Horesca-Secteur ugebuede ginn.

5. **Ass geplangt, eng national Sensibiliséierungscampagne ze lancéieren, fir d'Bevëlkerung and'Betriber iwwer esou Hëllefsmoossnamen z'informéieren an d'Präventioun vu Belästegungam ëffentleche Raum weider ze stäerken?**

Mat der Ouverture vum CNVV 24/7 huet de MEGA eng national Sensibiliséierungscampagne lancéiert fir iwwert geschlechtsbaséiert Gewalt ze informéieren, inklusiv Belästegung am ëffentlechem Raum, a fir den CNVV ze promouvéieren.

Dës Campagne soll och iwwert Gemenge, Schoulen, den Horesca-Secteur an aner Partner promouvéiert gi fir e breede Public unzeschwätzen an ze erreechen.

6. **Ass de Ministère am Austausch mat den Initiateure vun « Ask for Angela », dem Inneministère, der Police, dem Horesca-Secteur an aneren Acteuren, fir ze evaluéieren, wéi dës Initiativ opnationalem Niveau kéint ausgebaut an nohalteg verankert ginn?**

Vue dat den MEGA d'Initiative „Ask Angela" net offiziell an direkt ënnerstëtzt, ass momentan weder en interministeriellen Austausch nach een Austausch mam Horesca-Secteur iwwert dës Initiativ virgesinn.

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2026

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko Backes